RAPPORT VUN DER KULTURKOMMISSIOUN VUM 23. OKTOBER 2019
(02/2019)

Präsenzen:
Georges Weyer (President)
Simone Breuer (Sekretärin)
Laurent Schank fir Josée Altmann
Ricky Goslings fir d'Clode Carbon
Viviane Dondelinger
Gerd Fritzsch fir Noëlle Feidt
Elisabeth Galinaro
Eliane Irthum
Rosch Milbers
Chantal Pieters
Joke Van der Schilden
Nic Wiot
Sabine Wolff

Ginette Wiot vun der Chorale Ceacilia Walfer
Guy Medinger vum SIT
Cindy Wagner vun den Theaterfrënn (wagcindy2809@gmail.com)

Entschëllegt
Josée Altmann (ersaat duerch de Laurent Schank)
Clode Carbon (ersaat duerch d'Ricky Goslings)
Noëlle Feidt (ersaat duerch de Gerd Fritzsch)

Dagesuerdnung
-Subside fir d'Veräiner
-Organisatioun vum Stand vun der Kulturkommissioun bei de Bicherdeeg
-Organisatioun vu Concerten
-Verschiddenes

1. Subside fir d'Veräiner

Lescht Joer sinn d'Subside vun deene verschiddene Veräiner ëm 20% gehéicht ginn. Dest Joer bleift dann alles d'selwecht wéi 2018. Fir d'nächst Joer sollen d'Subside vun de Veräiner no bestëmmte Kritäre gerechent ginn, déi d'Kommissioun am Fréijoer wäert opstellen.
Et ass en neie Veräin bäikomm: „Frënn vun de Pompjeeën Orania Walfer asbl".
De President huet d'Lëscht mat de Subside vun deene verschiddene Veräiner virgelies.
Am Anhang fann dir dës Lëscht.

2. Bicherdeeg

Dëst Joer si Bicherdeeg de 16. an de 17. November 2019. De President huet virgeschloe fir zesummen op Bäreldeng an d'Schoul Bicher raumen a sortéieren ze goen.
Dofir gëtt en Doodle erausgeschéckt mat verschidden Datume fir dass d'Leit kënnen androe wéini si Zäit hunn.
Dat selwecht gëtt gemaach fir d'Bicherdeeg z'organiséiren, esou dass de Stand ëmmer mat 3-4 Leit besat ass.
Freides de 15. November gëtt de Stand opgeriicht.
Op de Bicherdeeg vun dësem Joer iwwerreecht d'Kulturkommissioun de Chèque (1013,00 €) vun de Recetten aus de Bicherdeeg vum leschte Joer un **ONG friendship.ngo/**luxembourg. D'Auerzäit gëtt nach matgedeelt, esou dass d'Membere vun der Kommissioun all kënnen do si fir eng Foto ze maachen.

3. Concerten

D' Kulturkommissioun huet verschidde Concerte geplangt (Chris Sinner, Museksschoul Walfer) an och eng Soirée mam Michèle Turpel steht um Programm. Aus organisatoresche Grënn ginn déi verschidden Datumen eréischt an der nächster Sëtzung festgeluecht.

4. Verschiddenes

De President huet e kuurze Bericht iwwer den Owend vum Open- Air Kino gemaach wou de Film „Superjemp Retörns" gewise ginn ass. Et war e grousse Succès an d'Leit ware begeeschtert. Fir de nächste Summer ass nach emol en Open-Air Kino geplangt.

Et ass proposéiert gi fir eng grouss Reklamm (Kaliko) un d'Glänner beim CAW ze hänken. Esou dass Leit déi mam Auto laanscht fuere besser gesi wann am CAW eng Ausstellung ass.

Di nächst Sëtzung vun der Kulturkommissioun ass den **29. Januar 2020 um 19.00 Auer.**

President,

Georges Weyer

Sekretärin,

Breuer S.

Simone Breuer